
# d'Peffermillen



Et kënnt net all Dag vir, duerfir freet et de Koschter ëmso méi: Am Februar hat de Koschter di nei Parkingregelen an der Stad Lëtzebuerg als illegal bezeechent, well de sougenannten Ticket B Strofrecht an Zivilrecht mëscht an doduerch eng grouss Rechtsonsëcherheet provozéiere géif, jhust well d'Gemeng wollt mi schnell un di Sue kommen, di bei Falschparker ze huele sinn. Den Inneminister huet elo dem Koschter Recht ginn an dat Gemengereglement verworf. Doduerch kritt zwar nach keen Autofuerer eng mi bëlleg Parkplaz méi, wä dat soll net dem Koschter säi Problem sinn. De Koschter hofft, dass geschwënn och a puncto Bautereglement d'Geriichter ähnlech konsequent duerchgräifen an di Verstéiss géint d'Reglement wou Wunnéngen zu Büroen ëmfonctionnéiert ginn, bestrooft.

Deen Dag wu de *forum*-Dossier iwwert di nei Uni zu Lëtzebuerg erauskomm ass, kruten Honnerte wa net Dausende vun Akademiker am In- an Ausland e Bréif deen adresséiert war un: „Dear stakeholder". De Koschter ass als Staatsbeamten zwar gebieden, di dräi offiziell Sproochen ze beherrschen, net awer och nach englesch. Weder d'Dioxionären, di e consultéiert huet, nach Kollegen, di en em Rot gefrot huet, nach gestanen Engleschproffe konnten him soe, wat das Wuert heescht. Wahrscheinlech hätt do en ex-Englesch-Prof am Ministär sech wëlle matt iergendwellechem Slang profiléieren. Si konnten e jhust berouegen, `t hätt näischt mat engem *Steak* ze din - am BSE-Zäitalter kann ee ni wëssen, op dat Wuert net eng Mutatioun ass -, a „shareholder" vun der neier Uni misst en och net gin. Dee Bréif an di Broschür, di en do geschéckt krut, presentéiere nämlech di nei Uni Lëtzebuerg. Firwat dat op englesch geschitt, geet awer weder aus der Broschür ervir, nach aus dem Bréif, deen derbäi louch. De Koschter grad wi all di Kollegen, deenen e begéint ass an déi di selwecht Broschür geschéckt kruten – an dat sin der jett – hu sech d'Fro gestallt, ween sech dovu kënnt ugesprach fillen. Si koumen all zur selwechter Conclusioun: Een dee sech vun deem Héichglanzpobeier ouni iergendwellech konkret Ausso ugesprach fillt, ass onbedéngt als potenzielle Mattaarbechter op där neier Uni ofzeleenen, well deem seng wëssenschaftlech Seriositéit ass net grouss, soss wär e net op dee Wischiwaschi eragefall. Een deen awer esou vill Sue schon am viraus zur Fënster erausgeheit, gehéiert besser och net an de Verwaltungsrot vun der Uni, well soss gin do neess Suen ausgi fir Bicë mam Uni-Sigel amplaz fir qualifizéiert Mattaarbechter anzestellen.

Lo krut d'Lëtzebuerger Kulturpolitik et dann och vun europäescher Säit bestätegt, iwwert wat Leit, di an der Kulturszen aktiv sinn, scho laang sech iergeren. Wichteg Décisioune gi vill ze spéit geholl, sou dass seriö Virbreedungen onméiglech gemaach an domatt oft en Deel vum ursprünglech geplangte Projet muss fale gelooss gin. Dat gëlt fir wëssenschaftlech Konferenze sugudd wi fir grouss Ausstellungen oder elo d'Kandidatur fir d'Kulturhapstad 2007. Natierlech ass haut dee ganze Stress an dee ganze Stäit vergiess, deen et 1995 a virdru gouf, well och deemools vill ze spéit geplangt, Verantwortlecher ernannt an e Budget lacker gemaacht gi war. An de Käpp vun de Politiker(innen) gouf jhust zréckbehalen: Et war dach e Risesuccès. Dass dee Succès nach vill méi flott a nohalteg hätt kënnen ausfalen, ass scho vergiess, well si waren et net di de Murks hu missen ausdroen an deenen hir Projeë gekäppt goufen. Wann et muss sin,. Kann de Koschter och nach aner aktuell Beispiller op den Dësch bréngen, wou international Projeë scheiteren, well de Kulturministär ënnerbesat ass, schléift oder bewosst eréischt um leschte Stëppel Décisiounen hëllt. D'Geschicht vum Subsid fir d'Kulturzäitschrëften ass nëmmen eng vu villen. De Koschter waart nach ëmmer op di nei Konventioun ...

Bei senge Kritiken um Projet de loi fir eng Uni zu Lëtzebuerg gesäit de Staatsrot net nëmmen eng Incompatibiliéit mam Verfassungsartikel 23, wi den Hieronymus vu Bauschelt op der Säit 5ff. an dëser Nummer schreift, mä och mam Artikel 36, wi d'Héichschoulministesch de 27. Juni um IST ugekënnegt huet. Deen Artikel géif verlaangen, dass d'Parlament all Dépense vun der neier Uni kontrolléiert. Dat versteet de Koschter net: Éischtens huet den Artikel 36 näischt mat de Finanzen ze din. An zweetens ass net ze verstoen, dass der Uni hir Finanzautonomi géint Verfassung géng verstoussen an dem Fonds de Kirchberg – fir nëmmen deen ze zitéieren – séng net. All di Fonge kréien dach all Joers eng global Zomm aus der Staatskeess an d'Dëppe geschott, di se dann däerfen autonom ausginn, quitte dass d'Cour des Comptes hir Gestioun kontrolléiert. Sinn di Zweiwelen un der Légalitéit vun der Finanzgestioun vum Fonds de Kirchberg also awer méi zolitt wi den CSV-Fraktiounspresident dat wëllt zouginn, dass suguer d'Héichschoulministesch der Bauteministesch hir Praxis net wëllt noman?

**m.p.**